



Bild: Dan Altmann

## D'Uelzecht (The River)

Roland Meyer

Ech kommen aus dem Uelzechtall, Monsieur, ech si vun Dummeldeng. An natierlech huet meng Famill probéiert, mech gutt ze erzéien, et sollt eppes aus mir ginn, an natierlech sollt ech esou ginn, wéi mäi Papp. Just kouw dunn den zweete Weltkrich.

Elo nennen se hien e Giele-männchen. An hie wunnt net méi hei am Land, huet sech ewech-gemaach an eis, meng Mamm a meng fénnef Geschwëster, aleng hei sëtzegeleoss, direkt nom Krich, ouni Suen an näischt.

Ech hu missen ophale mat léieren, hu mir eng Schaff gesicht. Ech hat keng aner Wiel. Ech hunn et hei zu Dummeldeng op der Schmelz probéiert, mee ze vill hunn der mäi Papp kann. Esou ee wëlle mer hei net! Du sinn ech op Esch gaangen, an zu Esch hu se mech geholl. Se hu mech mat oppenen Äerm empfaang, well se der gebraucht hunn, esou er wéi mech, jonk a staark, a keen huet no mengem Papp gefrot. Vu mengem klunge Loun hunn ech de gréissten Deel menger Mamm ginn, déi sech néierens méi weise konnt, well se sech esou geschummt huet.

D'Marie hunn ech am Zuch kenne geléiert. Hatt hat just 17 Joer an ass all Dag vu Miersch an d'Stad gefuer, fir an der Maison Moderne ze schaffen, als Vendeu-

se. Hatt huet do déi neiste Moud aus Paräis verkaf, an hatt war gutt doranner, ëmmer frëndlech a fein. Ech sinn och mam Zuch an d'Stad gefuer a vun do aus weider op Esch, op meng nei Schaff. Mir souze knapps zéng Minutten am Zuch beieneen, vun Dummeldeng aus iwwert d'Brécke bis op d'Stater Gare, laanscht an dann iwwert d'Uelzecht, eise Floss, dono äddi a bis mar.

An de Weekend sinn ech hatt mat menger Vespa an der Gelatine an den Hoer op Miersch siche gaangen, hatt huet op der Méchels-plaz gewaart. Bei hatt heem konnt ech net, säi Papp war an der Union gewiescht, hie war Resistenzler, a wann dee gewuer gi wär, mat wem säin eenzeg Meedchen sech agelooss hat, ma léiwe Monsieur, da wär et Knappefreed ginn.

Esou ass d'Marie op der Méchels-plaz hannen op meng Vespa gesprongen, huet seng Äerm em mech geluecht a sech fest widder mech gedréckt, a mir sinn zesummen erof bei d'Uelzecht gefuer, déi sech vun Esch laanscht Stad geschlängelt huet an déi de Geroch vun eiser grimmeleger Zukunft mat aus dem Süde bruecht huet. Aus deem roude Süden, do wou kee mech kann huet, do wou ech e Frieme war.

Um Luerenzweiler Futballsterrain haten se Zelffest, ech an d'Marie hu gedantz. Vu „Schwarzbraun ist die Haselnuss“ bis „Is-

land in the Sun“ war alles dobäi a fir ee Moment hu mir neelech gegleeft fräi ze sinn. Mir hunn de Riesling Sylvaner vun der Musel gedronk an den Henri Funck aus dem Neiduerf an hunn deen neie Fräiheitsdoft, dee vun der Uelzecht iwwer d'Wisen eriwuer gezunn ass, ageotemt, wann et no Hallefnuecht fiicht a kal gouf a mir vum Alkohol gegloust hunn.

An um dräi Auer war d'Fest eriwuer, mee mir konnten net heem, well mir keen Doheem haten. Da si mer duerch d'Wise bis bei de Floss, eise Floss, gaangen. Dem Marie säi Petticoat gouf naass a meng schwaarz lacke Schong ware voll Bulli. Op eng Decken hu mir eis un d'Uwänner gesat. „Richs du de Minett, d'Eisen an de Stol am Waasser?“, hunn ech d'Marie gefrot, an hatt huet mam Kapp gewénkt: „Esou richt eist neit Doheem, eis kleng Famill.“

Do ënne beim Floss hunn ech d'Marie déi éischt Kéier gekéist. Mir hate jo keng Anung.

An du gouf d'Marie schwanger, laang huet et gedauert, bis mir verstanen haten, firwat säi Bauch ëmmer méi déck gouf an datt dat eppes mat eiser Léift a mat der Uelzecht ze dinn hat. Ech hu menger Mamm näischt gesot, Monsieur, an dem Marie säi Papp huet hatt op d'Strooss gesat, wéi hatt him alles gebeicht hat. Jo, gebeicht, esou sot hatt.

Zu Esch goufe mir just op der Gemeng bestuet, net an der Kierch. Am Süden, dee scho viles gesinn hat a kal a waarm gewinnt war, war dat schonn deemools näischt Aussergewéinlech, de Paf huet net missen dobäi sinn. Mee datt d'Marie keen Hochzätskleed unhat an ech kee schwaarze Kostüm, dat huet eis verdrësserlech gemaach, an och, datt kee vun der Famill dobäi war.

Aus eiser Zukunft gouf d'Géigewaart an dunn d'Vergaangenheet, eis Dreem si verblatzt, mee

de Süden huet eis opgeholl a gefiddert, wéi schonn esou vill anerer virun eis.

An heiansdo ginn ech nach emol erof bei d'Uelzecht, se richt ëmmer nach d'selwecht, just datt d'Zukunft elo vill manner lackelt wéi deemools. An heiansdo huelle ech de Pit, mäi klunge Jong, mat an erklären him, datt d'Waasser vun der Uelzecht an d'Sauer an an d'Musel leeft, dann an de Rhäin an datt de Rhäin an dat groust Mier leeft, an datt hantert deem Mier Amerika läit. Dat gefält him. Ech weess net firwat.

### Zur Persoun

De Roland Meyer ass 1963 zu Lëtzebuerg gebuer. Hien ass vu Beruff Schoulmeeschter, hien ass bestuet a Papp vun zwee Jongen. Hien huet d'„Theaterschoul“ vum Educationministère gegrënnt an zéng Joer laang geleet a schafft elo als IEBS. Hie schreift Bicher, Hörspiller, Zeitungsartikelen, Theater- a Kabaretstexte fir Kanner an och fir erwuesse Leit. Seng Bicher „Muedebëtzig“ (Lëtzebuurger Buchpräis 2012), „Roughmix“ (Servais-Präis 2015) an „Tel Mo“ (Lëtzebuurger Buchpräis 2017) goufen ausgezechent. Donieft ass hien aktiv als Musiker, bei de Bluesbands The Winklepickers an The Horse Blinders, als Kabarettist mat Soloprogrammer a beim Kabaret „Sténkdéier“, an als Regisseur bei Kabarets- an Theaterproduktiounen.

### Die Serie This Hard Minett Land

Von März bis Oktober 2022 laden das Tageblatt, das Luxembourg Centre for Contemporary and Digital History (C<sup>2</sup>DH) und capybarabooks die LeserInnen jeden Freitag zu einer besonderen Entdeckungsreise durch Luxemburgs Süden ein. Rund vierzig SchriftstellerInnen und HistorikerInnen lassen sich von Bruce Springsteens Songs inspirieren und schreiben Texte über das luxemburgisch-lothringische Eisenerzbecken, „de Minett“, sowie über diejenigen, die dort geboren oder dorthin eingewandert sind, dort gelebt, gearbeitet, geliebt, geträumt, gehofft, gekämpft, Erfolg gehabt oder versagt haben. Begleitet werden die Texte in deutscher, englischer, französischer und luxemburgischer Sprache von Illustrationen des Luxemburger Künstlers Dan Altmann. Im Herbst erscheinen sämtliche Texte und Zeichnungen dann versammelt in Buchform bei capybarabooks. Bis dahin heißt es: „Son, take a good look around/this is your ... Minett Land!“

Tageblatt  
LÉTZEBUERG

CAPYBARA BOOKS

uni.lu  
UNIVERSITÉ DU  
LUXEMBOURG

C<sup>2</sup>DH  
LUXEMBOURG CENTRE FOR  
CONTEMPORARY AND DIGITAL HISTORY

### The River

I come from down in the valley  
Where mister, when you're young  
They bring you up to do like your daddy done  
Me and Mary we met in high school  
When she was just seventeen  
We'd drive out of that valley  
Down to where the fields were green

We'd go down to the river  
And into the river we'd dive  
Oh down to the river we'd ride

Then I got Mary pregnant  
And man, that was all she wrote  
And for my nineteenth birthday  
I got a union card and a wedding coat  
We went down to the courthouse  
And the judge put it all to rest  
No wedding day smiles, no walk down the aisle  
No flowers, no wedding dress

That night we went down to the river  
And into the river we'd dive  
Oh down to the river we did ride

I got a job working construction  
For the Johnstown Company

But lately there ain't been much work  
On account of the economy  
Now all them things that seemed so important  
Well mister, they vanished right into the air  
Now I just act like I don't remember  
Mary acts like she don't care

But I remember us riding in my brother's car  
Her body tan and wet down at the reservoir  
At night on them banks I'd lie awake  
And pull her close just to feel each breath she'd take  
Now those memories come back to haunt me  
They haunt me like a curse  
Is a dream a lie if it don't come true  
Or is it something worse  
That sends me down to the river  
Though I know the river is dry  
That sends me down to the river tonight  
Down to the river  
My baby and I  
Oh down to the river we ride

Bruce Springsteen

(from the album The River, 1980)  
© Sony Music Publishing/Eldridge